

*Flix*

Nº 197.

# Den zerstreite Professer a sein Dinger Johann.


---

Eng komesch Szèn fir  
2 Hären an engem Akt.

All Rechter virbehâlen - Nodrock verbueden.



1947  
Drock a Verlag vum P. WORRÉ-MERTENS,  
Letzeburg.



Perso'nen:

1. Professer.
2. Johann.

*Wann de Rido opgêt, kënt de Professer op d'Bühn.  
Ennert dem Arem huet hien e puer Bicher, an der aner Hand  
e Prabli.*

---

**Professer.** (*Gêt spaze'ren*). Do, do : Elo wês ech net me', op ech ere'scht an de Kolle'sch soll goen, oder op ech schon aus dem Kolle'sch erëm kommen. Oh jé, oh jé ! Et get ên ower all Dag me' âl, a me' domm. Vun lauter Gescheithêt wês ech geschwënn net me' op et Dag ass oder Nuecht; op ech iwerhåpt nach op der Welt sin oder net. Wann dat eso' an dém Tempo firu gêt kann et nach sche'n gin. Dach elo ruffen ech emol mein Dinger Johann erann. Da kann dén mir emol soen wi-vill Auer dat et ass. (*Rift ganz hart*) Johann, Johann, wo' bass de ?

**Johann.** (*Ganz hart vu baussen*). Gelifft Här.

**Professer.** Johann, komm emol se'er erann.

**Johann.** Oh, Här, oh Här.

**Professer.** Dajé, dajé.

**Johann.** (*Vun baussen*). Oh Här, oh Här.

**Professer.** Allé hopp : hei ass sech neicht ze oh Hären.

**Johann.** Oh, Här, ech hun..., ech kommen ower elo nüt gieren ann.

**Professer.** (*Ganz streng*). Wat ! Wëlls du net follegen ? We' !

**Johann.** (*Vun baussen*). Oh Här, ech hun eppes elei an der Hand.  
Ech kommen elo nüt gieren ann.

**Professer.** Dat mecht neischt. Breng et nämmen mat erann.

**Johann** (*Kënt erann, en huet engt Nuetsgeschîrr an der Hand*).  
Hei sin ech Här. Wat hätt Dir gieren ?

**Professer.** (*Bés*). Wat gêt dech un, du Lausdeiwei. Wat mechs du domat heibannen?

**Johann.** Ma Här, ech war elo grad am gang Er Kuemer ze mächen Du wollt ech elo Ert Dëngen elei ausgeheien goen. An dun hutt Dir mech geruff.

**Professer.** Da mach dech elo se'er ewech. Da këmst de ower geschwënn erem.

**Johann.** Dajé! Ech fleisße mech ganz se'er (*léft aus*).

**Professer.** Wat ên Iesel hun ech ower do? Alt gutt, dass elo kën hei bei mir war. Ech misst mech nëmmen grad schummen mat eso' engem Kamerad. Dach wo' soll hoch dann elo erëm so' lang bleiwen? (*Rifft*). Johann! (*neischt re'ert sech*). Johann! (*Alt ro'eg*). Johann! (*nach alles ro'eg*). (*Rifft eso' hart ewe' e kann*). Johann!

**Johann.** (*Vun baussen*). Gelift. Här.

**Professer.** Wo' bleiw's du dann eso' lang. Hues de mech net he'ren ruffen?

**Johann.** Nén, Här, ere'scht we' Dir firt 4. mol geruff hutt.

**Professer.** Ah so', du Dabo. An dé 3 aner mol, hues du net he'ren, an du wés ower, dass ech 4 mol geruff hun. So, Johann, ge' emol kucken wivill Auer dass mir hun.

**Johann.** (*Léft se'er aus, a könt erëm huerteg erann*). Ma Här! Er Mädamm huet gesot, mir hätten zwo' Hausauer, zwe'n Weckern, drei Täschenau...

**Professér.** Efalt dien's de bass. Ech hat dech dach dat nüt ge-frôt. Ech wés gieren, wivill Auer datt et ass?

**Johann.** Ah so', Härr. Da wart ên Ablëck, ech sin geschwënn erëm (*léft se'er*).

**Professer.** Oh jo! Elo kann ech erëm eng hallef Stonn wârden.

**Johann.** (*ausser Otem*). Oh, Här. 't ass keng Auer am ganzen Haus de' gêt. Soll ech vleicht op d' Gare kucke goen? Oder vleicht duernidden bei d'Kirch?

**Professer.** Dat wär denges fir zwo' Stonnen weit kucken ze goen wivill Auer datt et wär?

**Johann.** Ma Här! Wat mächt Dir mat dém Prabli heibannen an der Stuff? Fèrt der vleicht et ge'f Rêñ gin heibannen?

**Professer.** Ah, ja: Elo hat ech bâl vergiess dir mei Prabli ze gin. Hei, dro menger Fra dien an da sës de zu hir, haut hätt ech emol net vergiess mei Prabli matzebréngen.

**Johann.** Jo Här.

**Professer.** Des Ke'er werd meng Fra sech awer verwonnern.

**Johann.** (*kënt se'er erann gelâf*). Här ! Er Madamm huet gesot,  
Dir hätt haut de Muergen ké Prabli mat geholl. Dir hutt  
vleicht engem àneren sein geholl ?

**Professer.** (*Iergert sech*). Oh je' oh je'. Elo hat ech gemengt  
wat ech ge'f mâchen, an elo ass et moi Prabli nüt. Ower elo  
güt emol e gudden schwarze Kaffi gedronk. Johann, brëng  
mir emol e gudden, schwarze Kaffi erann? Mâch ower neischt  
drann, verstânen !

**Johann.** Jo, Här, soll ech vleicht Zocker drann din ?

**Professer.** Mâch neischt drann.

**Johann.** (*Léft bis bei d'Dir*). Soll ech dann och keng Mëllegr  
dran din ?

**Professer.** (*Be's*). Do he'ert ower alles op. Breng mir de Kaffi  
huertig o'ni eppes drann ze mâchen, verstânen !

**Johann.** Jo Här ! (*Léft erem bis bei d'Dir*). Wellt den Här  
dann och keng kleng Dröppchen drann, dat ass och gutt  
am Kaffi, soen d'Leit.

**Professer.** Dat kann's du dir dra mâchen. Brëng mir moi Kaffi  
o'ni eppes drann ze machen.

**Johann.** (*Gét bis aus a kënt erëm mat enger Tass Kaffi*). Losst  
Iech e gutt schmâchen. (*Wéllt d'Tass op den Dösch setzen,  
stésst se ower eraf*). Do, do, a wat ass dann elo geschitt ?  
Oh du Lo'der do. (*Rennt mam Fo'ss no der Dir, grad als  
ewe' wann eng Kâtz do wär an de Kaffi eraf gesto'ss hätt*).  
Do Här, elo hat ech Ere Kaffi hier gesât an du ass d' Kâtz  
komm an ste'sst d'Tâss eraf. Ass dat ower erlâbt ?

**Professer.** Ech hun ower keng Kâtz heibannen gesin. Ech mengen  
Johann et war en Hond. Mengs du net och.

**Johann.** Oh nén, Här, et war eng Kâtz, ower wârt, ech gin Iech  
elo anere Kaffi ~~sichen~~ (*Gét aus*).

**Professer.** Wat êñ Dabo. Elo mengt hien, ech ge'f him gléwen,  
dat et eng Kâtz wär.

**Johann.** Do Här, elo huet Dir Ere Kaffi.

**Professer.** (*Drenkt e bëssen*). De Kaffi ass net wârem genug.  
Wéss' du net, Johann, we' de Kaffi muss sin wann e gutt  
soll sin ?

**Johann.** Jo, Här, et duerf nüt vill Chikerie drann sin.

**Professer.** Nén, Johann, e muss sin schwârz we' der Deiwel, heiss  
we' d'Hëll, a se'ss we' d'Liebe, verstânen ?

**Johann.** Jo, Här, an mat Erer Liebe erennert Dir mech un  
eppes. Ech soll jo muer bestuet gin, an da kann ech net hei  
sin. Wesst Dir nach neischt dervun ?

**Professer.** Jé, jé, Johann. Du muss muer hei sin. Ech kre'en muer  
Besuch. Du muss och fir all Klëngegkët dohém bleiwen ?

**Johann.** Jo Här, ower fir bestuet ze gin hätt ech ower alt bâl ne'dig derbei ze sin. Wât mengt Dir?

**Professer.** Majo Johann, et wier jo bâl ne'dig. An mat wiem gess du dann bestuet?

**Johann.** Ma mat engem jonge Médchen... vun 43 Joer. *du soll Deppen*

**Professer.** Oh, da bass du alt gutt versuergt (*nott singt Nuesch-nappesch aus der Täsch, an doranner muss e Knoet sin*).

**Johann.** Au wuerfir hutt Dir dé Knoet an Erem Nueschnappesch?

**Professer.** Ah, ja, elo hat ech bal vergiess dir dé Bre'f elei ze gin. Duerfir hat ech dé Knoet gemêt. (*E greift an d'Täsch*). Do elo hun ech vergiess de Bre'f an d'Täsch ze stiechen. Johann, e leit dobannen um Dösch. Lâf e se'er sichen. (*Johann lëft se'er*).

**Johann.** (*Kënt erem*). Hei't Här, dat war se'er gângen.

**Professer.** Hei Johann, do hues de *g* frang, an da ge's du *jan* d'Post. Do mechs du dann e *Bre'fkäppchen* dropp well en *Timber* ass zu schwe'er.

**Johann.** Ma Här, da gët en ower nach me' schwe'er.

**Professer.** Oh, Johann, du bass en Dabo. Mach dech se'er eweg?

**Johann.** (*Enzock. Left fort, kënnt ower erem hurteq era gelâf a jeitzt*). Oh Här, Er Madamm huet gesot Ert Kand hätt d'Tënten ageschleckt?

**Professer.** (*liest an engem Buch*). Oh, dat ass neischt. So, sie soll einstweilen mat engem Bleistëft schreiwen.

**Johann.** (*Léft aus a kënnt erem erann gelâf*). Oh Här 't ass net eso' schlëmm. Ert Kand hat Tënten an d'Täsch geschott. We' ech du aus ko'm ass den Affekot aus der Gro'ssgâss kom a sot zu mir, hien hätt engt neit Haus gebaut. Hie wesst elo gieren e sche'ne Sproch fir op singt Haus ze schreiwen. E sot ech soll Iech froen ob Dir ké sche'ne Sproch wësst. We' soll hien duer schreiwen.

**Professer.** (*Bedenkt sech*). Hei ass gudde Rôt deier.

**Johann.** (*Léft se'er aus a jeitzt dobauessen*). Den Här Professer huet gesot, Dir sollt op Ert Haus schreiwen: Hei ass gudde Rôt deier!

**Professer.** (*Gët bis bei d'Dir a rifft*). Johann, breng mer de Bre'f nach erém. Ech schreiwen nach eppes drann. (*e mecht de Bre'f erem op a schreiwt. Wann e ferdeg ass hëllt en de Bre'f a liest*):

Lieber Freund,

Ich wünsche dir ein gesundes neues Jahr, ein frohes Oster-, Pfingst- und Weihnachtsfest! Gratuliere zum Namenstag, zu deiner etwaigen Verheiratung, eventuell zur Ankunft deiner Sprösslinge! Sollte ein unvorhergeschehenes Glück

eintreten, so spreche ich dir auch hierzu meinen Glückwunsch aus. Dieser Brief hat fünf Jahre Gültigkeit.

Tausend Grüsse.

Dein Freund,

Wilhelm.

So', endlech ass e ferdeg. Hei Johann, ge' an d' Post, an so zum Bre'fdre'er, hie soll de Bre'f ferdeg mächen. Hei Johann, (*greift an d'Täsch*) hues de ~~3~~ Frang.

**Johann.** Merci Här. (*Lues*). Dat ass elo schon de'n zwe'ten Frang. Hie we's net me', dass hien mir schon 1 Frang gin huet.

**Professer.** (*Dien an engem Buch liest*). Dajé Johann, mach dach virun.

**Johann.** (*Gêt bis aus, kënnt ouer erem geschwënn erann*). Här, d'Madamm huet gesot, d'Fre'jahr wär virun der Dir.

**Professer.** (*liest*) So, et soll muer erem kommen, ech hätt keng Zeit ~~fir et ze empfänken~~. ~~Kant~~.

**Johann.** Ma Här, Dir hutt mech schlecht verstânen, ech hun gesot d'Fre'jahr wär do.

**Professer.** Dajé, Johann, da loss et alt era kommen. Mais bass du nach emmer net fort?

**Johann.** Dach Här, lo gêt et ower se'er (*fängt un ze lafen*.)

**Professer.** (*gêt e bessen op an of spaze'eren*) Do! elo hun ech nach vergiess eppes ze froen? Johann, wo' bass de?

**Johann.** (*äntwert vu baussen*) Hei uewen um Speicher.

**Professer.** Wat mechs du dann do?

**Johann.** Neischt, Här!

**Professer.** Wo' ass dann onse Jempi?

**Johann.** Dêñ ass och hei.

**Professer.** Wat mecht dêñ dann do?

**Johann.** En helleft mir.

**Professer.** Dann ass et gutt. Wanns du ferdeg bass, kens du emol erof. Ech froen dech nach eppes (*wart e bëssen, a gêt op an of*) Elo werd ech mussen erem eng Stonn op ~~de~~ *Famepla* Kierel wârde missen.

**Johann.** Do Här, elo sin ech jo schons erem hei. Wat hätt Dir gieren?

**Professer.** Ma ech ge'f gieren de Mëtteg bis an Stâdt fueren meng Schwe'ermamm sichen. Wês du net, we' d'Zig fueren?

**Johann.** Ma Här, si soen den Zwo'-Auer Zug ge'f eso' gênt bâl drei Auer fueren; an we'ni datt den Zug vu 6 Auer fiert, wês ech ower net.

**Professer.** T'ass gutt, Johann. A we'ni firt de leschten Zug?

**Johann.** Oh, Här, dat erliewen mir zwe'n net me'.

**Professer.** Oh du Efalt do. Ech hun net gefrot we'ni dass de leschten Zug firt, ~~sondern~~ de leschten Zug den haut den Owend fiert. Dat wësst ech gieren!

**Johann.** Ja, dat kann ech Iech beim beschte Wëllen net soen, Här.

**Professer.** Oh da wart, da gin ech ons Madamm froen, ower mäch du dech ewech mam Bre'f! An dass du en ower net vergess mat ze huelen.

**Johann.** Keng Angscht, Här. So', endlech ass e fort. Wann d'Kâtzen fort sin, da sin d'Meis Mëschter. An elo get et och eso' gemêt. Elo gêt et nach an de Keller, an da get emol eng gutt Fläsch gepo'tzt op de' forçë. (*Iwert dem hien ausgêt singt en.*) „Ho, Susanna, wie ist das Leben doch so schön, ho, Susanna . . . . asw.

**Professer.** (*könnt erem, a riftt*) Johann, wo' bass de?

**Johann.** (*vun baussen*) Ech kommen, wärt ên Ableck. (*könnt erann*) Do si mer jo hei.

**Professer.** Johann lauschter gutt. Ech fueren elo an d'Stadt meng Schwe'ermamm sichen. Fir datt sie geseit, we' fro' mir sin wann Sie bei ons könnt, röschst du elo d'Dir; — verstânen. Uewen eriwer hängs du dann engt Schëld. -- Ech hun ènt bei eisem Noper bestallt. Et hëscht „Wëllkomm!“ Wanns du deng Sâch gutt mechs, solls du 20 frang kre'en. Verstânen?

**Johann.** Jo, Här.

**Professer.** Da gin ech elo. Vergiess net ze mâchen, we' ech dir gesot hun. (*gêt aus.*)

**Johann.** De' 20 frang wérd ech scho verdingen. Elo gêt et enzock bei de Noper dat Schëld sichen. (*lëft aus, könnt gleich erem.*) Et stongen zwe' Schëlder do. De Mëschter war ower nöt do. Dun hun ech dat schénst geholl vun dene zwe'. Ewell ech kann net liessen. Wat wärt den Här Professer Aen mâchen, wann hien dat elei geseit. Ob d'Trâp setzen ech sche' Blumestäck. Dat Schëld elei garne'ren ech sche'n mat Blumen. (*E weist de Leiden d'Schëld. Dorop muss gro'ss geschriwe sin, dass all Mensch et liessen kann:* „Eintritt strengstens verboten“) Ech menge schon ech hätt de' 20 frang, an ech wetten, dass dem Här seng Schwe'ermamm nawell lâng elei bei ons bleiwt, wann Sie datt Schëld hei mat dem sche'ne „Wëllkomm“ geseit. An elo gêt et ower lass!

## S C H L U S S